(Brouhaha général)

Dofir ass deem näischt bäizefügen. An ech géif och den Accord vu menger Fraktioun abréngen.

M. le Président.- Merci. Dann hunn ech d'Wuertmeldung vum Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, villmools Merci. Och vun eiser Säit aus e Merci un den Här Angel fir seng Fläissaarbecht, déi e wéi ëmmer ganz gutt gemaach huet.

Mir wollten awer vläicht hei op e puer Ënnerscheeder opmierksam maachen, déi tëschent bilateralen Accorde bestinn an engem Accord wéi deem heiten, deen der Europäescher Unioun awer Kompetenze gëtt, déi se natierlech zum Deel muss hunn, mä déi awer vergläichbar si mat deenen, wéi se zum Beispill an der NATO existéieren, an da kann ee sech froen: Wéi wäit ass dee Parallelismus hei richteg, dee mer hierstellen, wéi wäit gëtt e gebraucht?

En ass sécher néideg, an dofir stëmme mer dëst Gesetz och gär mat, well an der Europäescher Unioun probéiere mer jo och, eng Baussen- a Sécherheetspolitik ze kreéieren oder ze verstäerken.

Mir hunn, wéi de Minister Schmit och virdru gesot huet, déi Dimensioun vun der Polizeizesummenaarbecht oder vu juristesche Saachen, wou mer och confidentiel Informatiounen hunn. Mä et muss een awer, fir komplett ze sinn, och soen: Et ass awer e bëssen och e federalen Dram derbäi, fir déi Europäesch Unioun eigentlech zu engem Geheimnisträger ze maachen, deen hir Natur am Ableck net onbedéngt justifiéiert.

Et ass zwar gutt, datt hei och déi neutral State mat dra sinn, déi Member an der Europäescher Unioun sinn, déi an deenen NATO-Strukturen net esou vertruede sinn, obscho se enk zesummeschaffen, mä hei gëtt awer e Schratt méi wäit gemaach.

Firwat? Ma éischtens, déi klassifizéiert Informatiounen, déi d'Europäesch Unioun huet, déi komme bal all vun de Memberstaten. An et sinn u sech klassifizéiert Dokumenter vun de Memberstaten, déi eben och kéinten - mat Ausnahm vun den neutrale Staten - an NATO-Strukturen échangéieren oder an anere Gremien, mä hei gëtt dee federalen Dram, wéi ech gesot hunn, erabruecht.

An ech wëll als Beispill zweemol d'CSV zitéieren. Den Här Wiseler wor zwar ganz modest a senger Interventioun a ganz séier, mä ech fannen, et ass ganz interessant, d'Positioune vun der CSV hei ze zitéieren, fir ze weisen, a wéi eng Richtung den Zuch an den Ae vu Verschiddene soll goen.

An déi Informatiounen, déi d'Europäesch Unioun huet, kommen zum gréissten Deel vun den Ausseministèrë vun de Memberstaten. D'Federalisten hätte gär, wéi et och am CSV-Wahlprogramm elo gesot gouf: «…un véritable Ministère européen des affaires étrangères, dont l'action ne pourra être minée par des intérêts nationaux parfois divergents.»

Da gëtt also de Memberstaten, wann déi hir Interesse verfollegen, nach ënnerstallt, géint Uniounsinteresse virzegoen, a gewënscht gëtt een europäeschen Ausseministère, an deem also déi national Diplomatië solle fusionéiert ginn oder dran opgoen.

Dat ass natierlech en Dram, deen absolut net realistesch ass a wäit, wäit ewech, hoffentlech fir ëmmer ewech. Mä op jidde Fall ass dat awer och ze gesinn an där Tentative, fir hei eben eng Geheimhaltungskompetenz op den Niveau vun der Unioun ze leeën, well eben domadder verbonnen ass an den Ae vu verschiddene Leit, fir déi national Diplomatië verschwannen ze doen.

En zweet Element, dat ass d'Kreatioun vun engem europäesche Geheimdéngscht. Mir hunn an Europa keen europäesche Geheimdéngscht, och wa mer eng Geheimdéngschtzesummenaarbecht hunn. Mä ech zitéieren hei eng Ried vun der Madame Viviane Reding vum 6. November 2013, déi als Reaktioun op d'NSA-Affär proposéiert huet, en europäesche Geheimdéngscht ze schafen. Wat natierlech erëm eng Kéier e federale Schratt wär, deen am Ableck komplett onrealistesch ass, mä och justifiéiert, fir d'Geheimhaltungskompetenz direkt um Niveau vun der Unioun dann opzehänken. Dat sinn also Saachen, déi ee muss mat considéréieren, wann een dat heite kuckt.

Eng zweet Bemierkung ass, ob d'Unioun iwwerhaapt soll berechtegt sinn, Informatiounen ze hunn, déi d'Memberstaten net sollen hunn. Dat wär e Schratt och erëm an eng Richtung vun engem federale Stat, vun enger supranationaler Organisatioun, déi eigentlech da méi héich unzegliddere wär wéi d'Memberstaten.

Eis Äntwert dorobber ass Neen. Eng Informatioun, déi d'Europäesch Unioun huet, muss och gläichzäiteg eng Informatioun sinn, déi alle Memberstate gläichrangeg geheiert. Soss ass d'Europäesch Unioun net méi eng Unioun vu Staten, mä eng supranational Organisatioun, wat eben de Wonsch vu Verschiddenen ass, awer bestëmmt net eisen!

Dann, dat nächst Element ass: Wann dat dann esou sollt sinn, wann d'Unioun geheim Informatiounen huet, wie kontrolléiert da wien? Well déi Informatioune komme jo aus de Memberstaten.

Am Rapport liese mer an engem vun deenen Dokumenter, déi mer kritt hunn a fir déi mer dankbar sinn, datt elo d'Europäesch Unioun ähnlech wéi d'NATO soll kënnen d'Memberstate kontrolléieren.

Ech zitéieren: «Des organismes comme l'Union européenne ou l'OTAN peuvent effectuer des contrôles sur la protection des informations classifiées», an zwar an de Memberstaten. Hei ass d'Fro natierlech: Wie soll da wie kontrolléieren? Wann d'Memberstaten der Europäescher Unioun hir Informatioune ginn, sinn et dann net och d'Memberstaten, déi sollte kontrolléieren, wéi d'Europäesch Unioun mat deenen Informatiounen ëmgeet, déi si vun de Memberstate kritt?

A wann dann Indiskretiounen um Niveau vun der Europäescher Unioun wären, wéi eng Sanktiounsméiglechkeete bestinn dann an den Organer vun der Unioun géigeniwwer deenen, déi an der Unioun matschaffen, wa se klassifizéiert Informatiounen, déi aus de Memberstate komm sinn, sollte verroden hunn oder duerch Fahrlässegkeet verroden hunn?

Also, dat sinn déi Froen, déi ee sech an dësem Zesummenhang wierklech muss stellen, wann een déi politesch Analys mécht vun dësem Dokument. Dat gesot an aus deene Grënn, déi mer virdru genannt hunn, kënne mir awer heimadder d'accord sinn, well och eisen Interessi an engem méi grousse Mooss mat esou engem Accord respektéiert gëtt, wéi wann et en net géif ginn.

Dofir villmools Merci. Mir stëmmen dat mat.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet den Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Jo, Här President, ech froe mech, wou een iwwerhaapt hei ka schwätze vun „eisen Interessen" an „Interesse vun deenen aneren". Mir maachen dauernd international Accorde mat anere Länner, net nëmmen europäescher, Länner aus der ganzer Welt, an dorënner där, déi emol net demokratesch funktionéieren.

De Problem ass heibäi: D'Europäesch Unioun selwer kritt ëmmer méi eng Sécherheetsstruktur. D'Europäesch Unioun gesäit sech ëmmer méi op deene verschiddenste Gebidder als zoustänneg, fir Geheimniskrämerei ze maachen.

Et ass geschwat ginn elo just vun de Bestriewungen, fir en europäesche Geheimdéngscht ze maachen. Et gëtt iwwregens schonn eng Agence an Europa, déi deelweis esou Funktiounen erfëllt. Mir hunn et erlieft bei engem Handelsaccord, wéi der TTIP, wou op eemol Négociatiounen, déi d'zukünfteg wirtschaftlech Beziéungen zwëschen Europa an den USA betreffen, op eemol insgesamt als geheim agestuuft ginn. Déi Pabeieren hu bestëmmt e Stempel drop, do steet „top secret" drop.

An do geet et net méi ëm Problemer vu Länner vis-à-vis vun anere Länner oder vis-à-vis vun der Europäescher Unioun, do geet et ganz einfach ëm d'Interesse vun de Leit, déi hei an de Länner wunnen, déi an Europa wunnen, déi ëmmer méi regéiert gi vu staatleche Strukturen, déi ëmmer méi de Charakter vu Geheimstrukture kréien, déi sech ëmmer méi no esou Sécherheetsinteressen orientéieren.

An dat ass deen eenzege Problem bei deem heiten. An dat erkläert och, firwat mir wäerte géint deen Text hei stëmmen.

Une voix.- Ganz richteg!

M. le Président.- Merci dem Här Urbany. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun an d'Regierung huet d'Wuert. Den Här Finanzminister a Vertriedung vum Ausseminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Jo, Merci, Här President. Am Numm vum Ausseminister an natierlech och am Numm vun der Regierung géif ech lech gäre Merci soe fir dës Debatt a fir d'Éischt dem Rapporteur félicitéiere fir seng mëndlech Ausféierungen, déi ganz kloer waren, an och fir säi Bericht.

Ech freeë mech, dass dëse Projet esou eng breet Zoustëmmung hei ka kréien. En ass effektiv méi breet, wéi deen, dee mer just virdrun diskutéiert hu mat Norwegen, an en deckt den Échange d'informations tëschent den États membres of, tëschent den États membres an der Unioun an och tëschent den États tiers an der Unioun an den États membres. A mir hunn aus der Debatt eraushéieren, dass mer esou en Accord brauchen, fir d'Confiance mat eise Partner opzebauen an esou selwer jo och Informatioune kënnen ze kréien an iwwerhaapt Accès dozou ze hunn.

Ech géif och gären ënnersträichen, dass den Échange d'informations net nëmmen aus militäreschen oder taktesche Grënn utile ass, mä och fir d'Protektioun vun eisen Industrien an Technologien, wéi de Rapporteur Angel dat ganz richteg ënnerstrach huet. An aus deene Grënn sinn ech frou, dass esou eng breet Zoustëmmung zu dësem Projet ka sinn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Finanzminister. Mir kéinten dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6635 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6635 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Prokuratiounen. D'Ofstëmmung ass fäerdeg.

De Projet 6635 ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Laurent Mosar);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dat ass dann esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6633 iwwert d'Duebelbesteierungsofkommesse mat verschiddene Länner. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgesat. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Guy Arendt.

7. 6633 - Projet de loi portant

1. approbation du Protocole, signé à Bruxelles, le 9 juillet 2013 modifiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de Danemark tendant à éviter les doubles impositions et à établir des règles d'assistance administrative réciproque en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune;

2. approbation du Protocole, signé à Luxembourg, le 20 juin 2013, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Slovénie tendant à éviter les doubles impositions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Ljubljana, le 2 avril 2001;

3. approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Royaume de l'Arabie saoudite tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Riyad, le 7 mai 2013;

4. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et Guernesey tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Londres, le 10 mai 2013;

5. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et l'Île de Man tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Londres, le 8 avril 2013;

6. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et Jersey tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, ainsi que le Protocole et l'échange de lettres y relatifs, signés à Londres, le 17 avril 2013;

7. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République tchèque tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 5 mars 2013;

et prévoyant la procédure y applicable en matière d'échange de renseignements sur demande

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, op dëser Plaz maachen ech lech de Rapport zum Gesetzesprojet, deen de 17. Dezember 2013 vum aktuelle Finanzminister déposéiert ginn ass. Et geet dobäi ëm d'Unhuele vu verschiddene Steierkonventiounen, déi eng Duebelbesteierung ze vermeiden hëllefen. D'Diskussioun haut de Mëtteg setzt sech also och an de Kontext vun den Efforten, déi eist Land schonn zënter Laangem am Kader vun der Lutte géint de Steierbedruch mécht.

D'Chambre des Salariés huet hiren Avis zum Gesetzesprojet de 25. Oktober 2013 eraginn. Den Avis vun der Chambre de Commerce ass vum 23. Dezember an dee vun der Chambre des Métiers vum 27. Januar 2014. Dem Statsrot säin Avis datéiert vum 29. Abrëll 2014 an an der Réunioun vum 13. Mee 2014 huet d'Commission des Finances et du Budget mech als Rapporteur designéiert. Op dësem Datum huet d'Kommissioun och den Avis vum Statsrot ënnersicht. Dee schréftleche Rapport gouf dunn de 27. Mee 2014 an der Kommissioun ugeholl.

Här President, den Objet vun deem virleiende Gesetzesprojet ass d'Unhuele vun enger Rei vun neie Steierkonventiounen tëschent eisem Land a verschiddenen anere Länner oder Entitéiten. Et handelt sech heibäi ëm Konventioune mat Saudi-Arabien, Guernsey, Jersey, der Isle of Man an der Tschechescher Republik. Da geet et awer och nach ëm d'Unhuele vum Protokoll, deen déi bestehend Konventioun mat Dänemark vun 1980 modifizéiert, a vum Protokoll, deen d'Konventioun mat Slowenien vun 2001 upasst.

Dir gesitt, dëse Gesetzestext weist, wéi eescht eist Land et mam Kampf géint de Steierbedruch hëlt. All dës Konventioune bauen op de Modell vun der OECD op, wat den Informatiounsaustausch ugeet, esou dass et fir d'Administratioune méi einfach gëtt, esou Échangen an der Praxis virzehuelen. Domadder adaptéiere mer och eis Konventioune géint d'Duebelbesteierung un déi international Standarden am Beräich vum Informatiounsaustausch op Ufro hin.

Dann nach e puer Wuert zur Prozedur, wéi dës Informatiounen dann am Fall échangéiert ginn: Do verweist dëse Gesetzestext op d'Prozedu-

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

ren, déi an den Artikelen 2 bis 6 vum Gesetz vum 31. Mäerz 2010 festgehale goufen, engem Gesetz, wat sech och mat Steierkonventiounen an der duebler Besteierung befaasst.

Ech wëll op dëser Plaz dem Finanzminister Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mat der Kommissioun, dem Finanzminister, deen net méi spéit wéi de leschten Dënschdeg nach e Protokoll mat sengem Homolog ënnerschriwwen huet, fir eis Steierkonventioun mat Irland unzepassen.

Heimadder hoffen ech, dass eis Chamber dësem Gesetzesprojet hir breet Zoustëmmung ausschwätze wäert, a ginn och den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech villmools Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Rapporteur. Als éischte Riedner huet den Här Gilles Roth d'Wuert. Här Roth, wann ech gelift.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech soen dem Guy Arendt wéi gëschter och Merci fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport. En huet mat Recht gesot, dass et hei eigentlech drëms geet, fir de Réseau vun Duebelbesteierungsofkommessen ofzeschléissen. Dat Engagement hat déi fréier Regierung geholl, well mer 2009 op déi sougenannt „gro Lëscht" vun de Steierparadäiser gesat goufen a mat vill Engagement an där Zäit gekuckt gouf, fir dass mer vun där Lëscht erofkommen. Och mir stinn als CSV fir eng propper Banken- a Finanzplaz mat gudde Produkter a Servicer, a selbstverständlech ass fir eis och de Steierbedruch kee Kavaléiersdelikt.

Wéi de Rapporteur et richteg gesot huet, ass de Prinzip vun dem Informatiounsaustausch an der Konventioun festgeschriwwen. Déi intern Prozedur gëtt eigentlech nach ëmmer, wéi an deenen aneren Duebelbesteierungsofkommessen, gefouert nom Gesetz vum 31. Mäerz 2010, dat eng genau Prozedur virgesäit.

Et muss een awer och, mengen ech, kloer an däitlech soen, dass an deene Fäll, wou den Informatiounsaustausch hei gi gëtt, d'Bankgeheimnis zum Deel ausser Kraaft gesat gëtt. An déi Avisen, déi komm sinn, waren alleguerte positiv, mat Ausnahm vun engem, nämlech deem vun der Chambre de Commerce, déi, mengen ech, zu Recht eng Rei vu praktesche Froen opgeworf huet, déi se regelméisseg am Kontext vun deenen Duebelbesteierungsofkommesse gestallt huet.

Dat sinn eigentlech dräi praktesch Hypotheesen, nämlech déi: Wat geschitt mat Informatiounen, wann zum Beispill eng belsch Steierverwaltung géif par rapport zu engem Lëtzebuerger Informatioune froen, wou dann d'Lëtzebuerger Steierverwaltung misst déi Informatiounen eranhuele bei enger Bank, déi hei op der Plaz usässeg ass? D'Fro, déi sech dohannert stellt, ass déi: Kënnen déi Informatiounen, déi aus deem spezifesche Fall iwwert déi Konventioun gefrot ginn, fir d'Besteierung vun dem Lëtzebuerger zu Lëtzebuerg genotzt ginn? Ech mengen, dat ass eng praktesch Fro, déi zu Recht hei vun der Chambre de Commerce - d'ailleurs schonn iwwert déi lescht zwee Joer - opgeworf gouf.

Deen zweete Fall ass deen: Wat geschitt, wann zum Beispill eng belsch Steierverwaltung géif Informatioune betreffend e Résident - ob dat e Lëtzebuerger oder een aneren ass, deen zu Lëtzebuerg usässeg ass - anhuele loossen an et géif parallell dozou oder duerno och eng franséisch Steierverwaltung betreffend deeselwechte Résident Informatioune froen? Kann dann an dësem Fall déi Lëtzebuerger Steierverwaltung déi Informatiounen, déi se de Belsch ginn huet, och automatesch de Fransousen iwwerreechen oder muss dofir eng speziell Prozedur mat gegebenenfalls Recoursen am Kontext vun dem Gesetz vun 2010 gemaach ginn?

An en drëtte Fall, deen och d'Chambre de Commerce opgeworf huet, ass deen, wann zum Beispill eng auslännesch Steierverwaltung géif Informatioune froe bei engem Affekot, deen zugläich Domiciliataire wier. Spillt do d'Obligatioun, fir déi Informatiounen ze ginn oder priméiert an dësem Fall d'Steiergeheimnis an och de Secret professionnel vum Affekot am Kontext vum Artikel 458 vun dem Code pénal?

Et ass eigentlech e bësse cocasse, Här President, dass mer elo e Finanzminister, den Här Gramegna, hei hunn, deen eigentlech där Organisatioun, déi fréier déi Froen opgeworf huet, virstoung.

Här Gramegna, entweder gitt Der eis déi Prezisiounen zu deene Froen elo, mä mir kéinten eis awer och als CSV dermat averstanen erklären, wa mer déi Froen do eng Kéier zesumme mat de Vertrieder vun der Steierverwaltung an enger vun deenen nächste Finanzkommissioune géife kucken. Well dann hätte mer ee fir alle Mol eng kloer Äntwert, mengen ech, souwuel vun der Verwaltung wéi och vun der Politik zu deene Froen, déi d'Chambre de Commerce an hiren Avisen opgeworf huet, an déi net ouni Pertinenz wieren.

Dat gesot, steet d'CSV selbstverständlech zu dësem Gesetzesprojet an ech ginn och am Numm vun der CSV-Fraktioun dofir d'Zoustëmmung a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci och dem Här Roth. Als nächste Riedner huet den Här Alex Bodry d'Wuert. Här Bodry, wann ech gelift.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och dem Rapporteur, dem Guy Arendt, Merci soe fir säi Rapport zu deem heite Projet. Bon, et ass keen Neiland fir d'Lëtzebuerger Parlament. Ech mengen, et sinn an etleche Sitzungen… Iwwert déi lescht laang Joren hu mer ähnlech Konventiounen hei guttgeheescht, déi ëmmer fälschlecherweis bezeechent ginn als Duebelbesteierungskonventiounen, wou se jo awer den Zweck eigentlech hunn, just de Contraire ze erreechen: dass et net soll zu enger duebeler Besteierung kommen.

Dat bedeit natierlech, wann een dat Zil wëllt erreechen, dass eng Kooperatioun do ass, dass en Informatiounsaustausch do ass tëschent de Vertragsparteien. An dat ass jo de wesentleche Punkt eigentlech bei deenen heite Konventiounen, wou effektiv, géif ech soen, déi lescht Joren den Turbo ugekéiert ginn ass, fir eng ganz Rëtsch där Konventioun, nei Konventioune géint d'Duebelbesteierung esou schnell wéi méiglech kënnen ofzeschléissen an och hei ze ratifizéieren, well mer, wéi gesot, ënnert der Menace stoungen, international e bëssen als Paria an deem heite Beräich dohigestallt ze ginn.

Wat interessant ass an der Lëscht vun deene Konventiounen, déi hei ofgeschloss ginn: Do si sécherlech och eng Rei Länner oder Entitéiten derbäi, wéi gesot ginn ass, déi ënner engem ähnlechen Drock stoungen. Wann ech do liesen, dass Isle of Man derbäi ass, dass d'Kanalinselen derbäi sinn, Guernsey an Jersey. Déi waren op ähnleche Lëschten, wann net nach méi donkel gefierft wéi déi vu Lëtzebuerg, ze fannen, an dat erkläert sécherlech och hir Bereetschaft, esou Konventiounen ofzeschléissen. Dat verbessert eise Bilan, dat huet awer och parallell hire Bilan eigentlech verbessert an där doter Hisiicht.

Mir brénge selbstverständlech hei och eisen Accord zu deenen heiten Texter eran. Den Här Roth huet virdrun eng Uspillung gemaach op déi fréier Responsabilitéiten, déi de Finanzminister hat. Ech kéint och soen, de Finanzminister kéint sech et jo och einfach maachen an e géif einfach soen, ma déi heite Verhandlunge si gefouert ginn ënnert der Responsabilitéit vu mengem Virgänger, an da kéint dee jo och déiselwecht Äntwerten hei ginn, déi e wahrscheinlech déi Jore virdru ginn huet op déi Froen, déi do schonn d'Chambre de Commerce gestallt huet.

M. le Président.- Merci och dem Här Bodry.

M. Luc Frieden *(CSV)*.- D'Chambre de Commerce huet och fréier gutt Avise geschriwwen.

M. le Président.- Dann hätt d'Wuert den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci. Mir schléissen eis och selbstverständlech dem Merci un den Här Arendt un, dee wierklech e ganz gudde Rapport hei gemaach huet an enger komplizéierter Matière.

Hei geet et ëm en Échange d'informations sur demande. An natierlech muss een awer och do feststellen, datt et an der internationaler Entwécklung e bësschen „Moutarde après dîner" ass, well den Trend geet jo awer hin op den automateschen Informatiounsaustausch, dee jo soll probéiert ginn dann als Weltstandard anzeféieren.

Trotzdeem, fir eis ass dat heite gutt, fir dat ze maachen, well mir jo och als ADR eis ëmmer géint de Steierbedruch ausgeschwat hunn, well mer och frou sinn, datt esou Territoirë wéi Guernsey, Isle of Man, Jersey do derbäi sinn an och hoffen, datt mat aneren ähnlechen Territoiren an der Welt esou Ofkommesse kënnen ofgeschloss ginn.

A mir schléissen eis och un deene Froen un, déi den Här Roth hei gestallt huet, déi vun der Chambre de Commerce schonn an e puer Avisen - an dräi verschiddenen Avisen - gefrot goufen.

Wat awer interessant ass an eisen Aen, dat ass eigentlech eng Kontradiktioun bei där Liichtegkeet, mat där mer d'Privatliewen opginn hu bei der Fro Bankgeheimnis par rapport zum Beispill zu deene justifiéierten Efforten, déi mer maachen, fir d'Privatliewen ze schützen am Beräich Internet.

Ech mengen, et geet ëmmer erëm ëm d'Privatliewe vun de Persounen. Ee wichtege Mataarbechter, de President vun enger grousser Affekotefirma hei am Land, huet nach iwwert d'Opgi vum Bankgeheimnis viru Kuerzem gesot: «La vie privée est absolument passée à l'attrape.» Effektiv, well mer do e Schratt a Richtung transparente Bierger maachen, wat natierlech jorelaang bekämpft gouf.

Den Här Gramegna, a senger Capacitéit (veuillez lire: a senger Qualitéit??) als fréieren Diplomat, erënnert sech nach bestëmmt un déi Zäiten, wou mer fir d'Bankgeheimnis mat gudden Argumenter gekämpft hunn. An dat huet och mat der Protektioun vun der Privatsphär ze di gehat.

Interessant ass awer och, wéi mer elo all déi Accorden hei ëmsetzen. Mir hunn eng relativ kleng Verwaltung, e klenge Finanzministère, eng kleng Steierverwaltung, an et gëtt eng ganz Rei vun Défien. Mir hunn zum Beispill elo all déi Accords de non double imposition ëmzesetzen, gläichzäiteg musse mer FATCA ëmsetzen, wat och en Échange d'informations direct praktesch mat den USA ass a wou d'ABBL sech nach beklot huet an hirem leschte Joresrapport, datt, anescht wéi op anere Finanzplazen, de Lëtzebuerger Finanzministère nach kee Guide ausgeschafft huet, wéi dann déi Ëmsetzung soll an der Praxis geschéien.

Gläichzäiteg hu mer am Kader vun der OECD en „Common Reporting Standard" ëmzesetzen, deen alt nees e bëssche verschidden ass vun deem, wat mer bei FATCA hunn. Gläichzäiteg hu mer eng Direktiv an der Europäescher Unioun iwwer Coopération administrative, déi da wahrscheinlech ratione materiae erëm eng Kéier geschwë geännert gëtt.

Wéi solle mer dat doten um rengen Ëmsetzungsniveau alles kënne géréieren? A wéi eng Efforte mécht dann elo Lëtzebuerg, fir och déi verschidde Rechtsinstrumenter oder Rechtsusätz am Beräich vum Bankgeheimnis oder vun deenen Informatiounsaustauschen ze harmoniséieren, souwuel um politesche wéi och um reng administrativ-personelle Plang?

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Kartheiser. Ech mengen, et si keng weider Wuertmeldungen do. Dann huet den Här Finanzminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Hären Deputéiert, ech wollt awer da bis op d'Pult kommen, well e puer méi fundamental Froe gestallt gi sinn iwwert dëse Projet de loi, dee jo siwen international Konventiounen oder Protokoller dann elo hei soll adoptéieren.

Et ass richteg, dass mer eng gewësse Course hu misse maache vun 2009 un, fir där Netduebelbesteierungsofkommessen ze ënnerschreiwen, well dat eng Konditioun war, déi gesat ginn ass, fir Lëtzebuerg vun enger groer Lëscht erofzekréien. An u sech war dat en éischt Alarmsignal, dass mer misste relativ séier erëm handelen am Intérêt vun der Reputatioun vun eiser Plaz an och am Intérêt vum Image vun eisem Land.

A mäi Virgänger, deen och haut hei sëtzt, den Här Frieden, huet dat ganz séier an d'Weeër geleet, an dat war och ganz gutt. An dofir sinn ech och frou, dass mer deen Effort hei weidermaachen.

Ech muss soen, dass déi Experienz, déi vun där groer Lëscht do, schonn eng ganz schwiereg war. An ech muss soen, dass mer leider net genuch draus geléiert hunn, well mer, wéi Der jo alleguerte wësst, elo am „Global Forum" ähnlech Problemer kritt hunn, wou mer net konform sinn an do, obwuel dat do net „gro" oder „schwaarz Lëscht" heescht, als non conforme, „non compliant" agestuuft gi sinn.

An et ass och dofir wou ech mat deem Punkt hei wëll ufänken a soen, dass dës Regierung wëllt proaktiv sinn an all deenen Domäner, fir ze évitéieren, dass mer op eng schwaarz oder eng gro Lëscht kommen, fir ze évitéieren, dass mer non conforme sinn. An ech mengen, mir mussen dat vun der Vergaangenheet léieren. Well: Wann ee bis op esou enger Lëscht ass, da kann een zwar esou vill Efforte maache wéi ee wëllt, den Dommage ass gemaach, d'Reputatioun ass ugëeckt. An dat Eenzegt wat ee kann, dat ass just nach, d'Dommagë limitéieren.

An ech kann lech soen, dass ech Instruktioune ginn hunn a mengem Haus - mä en fait, an der ganzer Regierung hu mer doriwwer geschwat -, dass mer alles musse maachen, fir proaktiv ze sinn an all deenen Domäner, fir ze évitéieren, dass mer op schwaarz Lëschte kommen. An dat heescht och, verschidde Mentalitéiten ze änneren, an zwar eis net nëmmen domat ze begnügen, dass mer soen, mir mussen eng Gesetzgebung hunn, déi formell an der Rei ass. Mir mussen eng Gesetzgebung hunn, déi gräift. Well mir gi gemooss herno, no baussen, wéi oft se da gespillt huet, déi Gesetzgebung. Mir gi gemooss an et gëtt gekuckt, wéi mer dat applizéiert hunn. Also, mir mussen dat ganz seriö huelen.

Zu dësem Gesetzesprojet wëll ech ënnersträichen, dass déi Accords de non double imposition natierlech gemaach ginn, fir den Échange sur demande hei anzeféieren, dee jo vun der OECD definéiert ginn ass. Déi Accords de non double imposition si souwisou och gutt, fir déi véier Libertéiten aus der EU gutt ausspillen ze kënnen, fir dat ze encouragéieren. An dat Ganzt gëtt gemaach op engem OECD-Modell.

Déi verschidde Konventioune sinn awer e bëssen anescht, ech wëll dat hei ënnersträichen. Déi mat Saudi-Arabien, dat ass eng Konventioun, déi mer elo mat engem G20-Land hei ofschléissen. Domat huet Lëtzebuerg mat bal alle G20-Länner eng Convention de non double imposition. Dat eenzegt Land, wat nach feelt, ass Australien. An do sinn elo Pourparlers amgaangen, fir dat ze starten. Dat Land war ëmmer ganz retizent, fir mat Lëtzebuerg eppes ze maachen. Ech hoffen, dass dat elo besser geet.

Mat deenen dräi Territoirë Jersey, Guernsey an Isle of Man sinn dat nei Konventiounen, wou den Échange sur demande natierlech mat dran ass.

Mat der Tschechescher Republik ass d'Situatioun e bësse speziell, well mer do en Accord hate mat der Tschechoslowakei, an dat gëtt elo en Accord mat Tschechien eleng. A mir hunn natierlech dann och do den Échange sur demande matafléisse gelooss.

Mat Dänemark ass et nëmmen e Protokoll, well do hate mer scho laang eng Konventioun. An do geet et net souvill ëm den Échange d'informations, mä ëm Pensiounsbesteierungen, déi do virgesi ginn.

An da mat Slowenien ass et en Avenant, och fir en Échange de renseignements sur demande ze maachen.

Ech géif also gären dem Rapporteur Guy Arendt villmools Merci soe fir säi schréftlechen a mëndleche Bericht, dee ganz gutt war, an da

mat zwou Saachen ofschléissen: Dat Éischt fir ze soen, dass Lëtzebuerg hautdesdaags 70 bilateral Conventions de non double imposition huet, dass mer der siwen an der Pipeline hunn, dass mer der schonn och nach eng Rei signéiert hunn, déi och gläich fäerdeg ginn. An ech hunn effektiv an deene leschten zwou Wochen der zwou signéiert, eng mat Irland an eng dës Woch mat Andorra.

Ofschléissend géif ech nach gär zu de Froe vum Här Roth Stellung huelen, oder partiell Stellung huelen zur éischter Fro, déi Der gestallt hutt, Här Roth: Do kann ech Iech soen, dass d'Äntwert ganz einfach ass, well de Secret bancaire zu Lëtzebuerg par rapport zu de Résidenten nach ëmmer wäert spillen. An domat ass, mengen ech, déi éischt Hypothees ganz kloer beäntwert. Déi aner zwou Froe sinn e bësse méi quokeleg a méritéieren, dass ee se verdéift. A mir wäerten dann zesumme mat Iech, géif ech mengen, a mat der Cofibu kënnen dat jo verdéiwen an Iech dann do eng Äntwert ginn, déi, ech mengen, och all Contribuabel d'Recht huet ze kennen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Finanzminister. Mir wären domat um Enn vun den Diskussiounen zu dësem Projet a mir géifen zum Vote iwwert den Ensembel vum Projet 6633 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6633 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

58 Deputéiert hunn derfir gestëmmt, 2 dergéint. Domat ass de Projet mat grousser Majoritéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Laurent Mosar);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, eise leschte Projet, de Projet 6658 iwwert d'Formatioun vun Infirmieren an Hiewammen, an hei huet d'Wuert den Här Rapporteur, den Här Claude Adam.

8. 6658 - Projet de loi modifiant la loi du 26 juillet 2010 portant organisation de la formation à la profession réglementée de l'infirmier responsable de soins généraux et de la formation de sage-femme et portant reconnaissance des titres de certaines professions réglementées

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

M. Claude Adam *(déi gréng), rapporteur.*- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 6658 ass e Gesetz, wat aus engem eenzegen Artikel besteet. Et ass en éischter technescht Gesetz an ass inhaltlech eigentlech och en onkomplizéiert Gesetz.

Den Dépôt war de 17. Februar 2014. Mir setzen heimadder d'Dispositioune vun der Direktiv 2013/25 vun der Europäescher Unioun a Lëtzebuerger Recht ëm.

Dës Direktiv bréngt e puer Adaptatioune mat sech, wat den Droit d'établissement an den Droit de la libre prestation de services betrëfft. Si bezitt sech op den Artikel 49 vun der modifizéierter Direktiv 2005/36/CE vum 7. September 2005 wat d'Unerkennung vun de beruffleche Qualifikatiounen an de spezifesche Rechter vun den Architekte betrëfft.

Dës Upassung ass noutwendeg, well Kroatien elo Member vun der Europäescher Unioun ass an dofir och wéi all déi aner Länner -, wéi all déi aner EU-Länner, pardon! - an de Genoss vun deeneselwechte Rechter vu géigesäiteger Unerkennung vu beruffleche Qualifikatioune soll kommen.

Dës géigesäiteg Unerkennung betrëfft engersäits verschidde medezinesch Beruffer: Dokteren, Zänndokteren, Veterinärmedeziner, Apdikter, Infirmieren an Hiewammen. Hei ass d'Unerkennung automatesch de Fall, wann déi Diplomer, déi am Spill sinn, an der Annex vun der Direktiv 2006/36/CE ageschriwwe sinn. Do ass da keng zousätzlech Reglementatioun noutwendeg.

Anerersäits betrëfft dat och déi spezifesch Rechter vun den Architekten, och vun deenen, déi aus Kroatien kommen. An hei musse mer eist Gesetz änneren. Mir mussen den Artikel 6 Paragraph 2 vum Gesetz vum 26. Juli 2010 iwwert d'Organisatioun vun der Formatioun vum Infirmier responsable de soins généraux, vun der Formatioun vun der Hiewam a vun der Unerkennung vum Titel vu verschiddene reglementéierte Beruffer änneren. An dat maache mer mat dësem Gesetz, dat, wéi gesot, jo och just een Artikel huet.

Den Avis vum Statsrot ass op de 14. Abrëll 2014 datéiert. De Statsrot hat e puer formell Remarquë gemaach. Esou ass zum Beispill den Intitulé vum Gesetz gekierzt ginn. De Statsrot hat och kee Problem dermat, datt d'Dispositioune vum Gesetz solle retroaktiv gëllen. Schliisslech ass Kroatien schonn den 1. Juli 2013 EU-Member ginn an eigentlech war den Délai, fir sech konform ze setzen, ee Mount. Mir hunn also net just ee Mount gebraucht, mä knapps ee Joer, fir eis konform zu der Direktiv ze setzen.

D'Chambre des Métiers huet hiren Avis de 14. Abrëll ginn an deeselwechte materiellen Iertum wéi de Statsrot festgestallt, hat awer soss näischt um Gesetz auszesetzen.

Och d'Chambre de Commerce approuvéiert de Projet de loi, bedauert awer, datt et esou laang gedauert huet, bis mer eis konform zu der Direktiv gesat hunn. Och dofir hu mer Versteesdemech. Mir konnten awer leider net den Avis vun der Chamber am Rapport berücksichtegen, well hien ass och ze spéit komm, en ass eréischt den 23. Mee an d'Chamber komm, an de Rapport ass awer schonn den 12. Mee 2014 an der Chamberskommissioun ugeholl ginn.

Et war an der Chamberskommissioun och nach d'Fro opgeworf gi vum honorabele Marcel Oberweis, wéi et dann an deenen anere Länner mat der Emsetzung vun der Direktiv wier. Ech ka leider Gottes keng Äntwert dorobber ginn. Ech hat dat nogefrot, Här Oberweis, an ech hunn awer och gesot, si sollen net ganz Aarbechtsdeeg verwende mat enger Äntwert dorobber. Dir wësst, datt d'Législatiounen an deene Länner ënnerschiddlech sinn. Mir haten dat kuerz ugeschwat. Ech ginn awer dervun aus, datt mir do scho relativ spéit dru sinn, well déi Leit, déi betraff sinn, déi Concernéiert, déi leide jo awer drënner, wann esou eppes net ëmgesat ass.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech brénge selbstverständlech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetz.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Adam. Ageschriwwen ass d'Madame Modert.

Discussion générale

Mme Octavie Modert *(CSV).*- Merci, Här President. Merci dem Rapporteur fir säi succincten, schnelle Rapport.

Eigentlech ass dat hei eng Matière, déi ganz dacks Diskussiounen opwërft, besonnesch an dem Secteur Medezin - et kann ee sech dofir vläicht wonneren, datt d'Kammere weider näischt opgeworf hunn -, well ganz dacks verwiesselt gëtt, wat libre Circulation ass, wat libre Établissement ass, wat Unerkennung vun Diplomer ass a wat Transkriptioun vun Titren ass.

Hei awer si mir an der Logik vun deem Kontext, dee mer ëmmer ageholl hunn, nämlech fir eng automatesch Unerkennung vun deenen do Diplomer an den EU-Länner ze hunn an domadder och besser ze erméiglechen, datt

- souwuel eis Studenten, a Leit déi en Ofschloss hunn, mat esou engem Diplom kënnen an aner EU-Länner goen,

- wéi ëmgedréint, datt déi aus anere Länner kënnen heihinner kommen.

Dofir gëtt d'CSV-Fraktioun och hiren Accord zu dësem Gesetz.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Modert. D'Madame Simone Beissel.

Mme Simone Beissel *(DP).*- Jo, Merci, Här President. Merci och vun ons dem Rapporteur Claude Adam fir säi flotten, kuerze schréftlechen a mëndleche Rapport.

Mir sinn an enger Situatioun, wou mer eis Gesetzgebung regulariséieren, wéi ëmmer, wann en zousätzlecht Land Member gëtt vun der EU. Mir maachen hei eis Flicht.

Ech mengen, de Rapport, deen ass komplett. D'Madame Modert huet nach e puer zousätzlech Erläuterunge ginn. Ech wäert mech hei begnügen, fir den Accord vun eiser DP-Fraktioun ze ginn.

Villmools Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Beissel. Den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus e grousse Merci fir de Rapport.

Mir sinn hei just an enger Situatioun, déi e bësse méi komplex ass, wéi et schéngt. Natierlech hu mir och näischt als ADR dergéint, fir de Kroaten déiselwecht Rechter ze ginn - respektiv eise Leit a Kroatien -, wéi et och aneren an der EU zoukënnt.

Mä mir sinn awer hei och am Beräich vun de medezinesche Beruffer, an ech erënneren un d'Direktiv 2005/36/UE, déi eis hei och schonn e puermol Suerge gemaach huet am Parlament a wou mer de 15. September 2011 eng Resolutioun hei an der Plénière geholl hu mat engem Avis, dee mer u Bréissel geschéckt hunn. An ech zitéieren aus deem Avis: «A cet égard, les commissions soulignent l'importance de la question des langues traitée dans le Livre Vert à la Question 13. Elle est particulièrement sensible pour les professionnels de la santé.» An da geet et ëm déi dräi Sproochen, a mir soen: «Une certaine flexibilité en matière de langues du chef des professionnels est donc dans l'intérêt primordial des patients sans qu'elle puisse pour autant servir à élever des barrières linguistiques infranchissables. Il est donc utile de clarifier le Code de conduite en la matière.»

Mir hu gesot och hei, datt déi Leit, déi am Gesondheetssecteur musse schaffen, sollten an enger vun deenen usuelle Sproochen hei am Land kënne schaffen. Mir als ADR soen, et ass ganz wichteg, datt am Gesondheets- an am Fleegesecteur déi Leit, déi hei am Land schaffen, Lëtzebuergesch schwätzen.

Dat ass hei leider net garantéiert. Mir hunn näischt dergéint, fir déi automatesch Unerkennung vun Diplomer virzehuelen, mä mir soen, wien hei am Land wëllt am Gesondheets- an am Fleegesecteur schaffen, dee muss Lëtzebuergesch kënnen.

Mir hätten eis gewënscht, datt mer d'Gesetz op dësem Punkt och esou adaptéiert hätten, fir dat méiglech ze maachen, konform och mam Geescht vun deem Avis, dee mir selwer hei am September 2011 an der Chamber geholl hunn.

Aus deene Grënn kënne mir dëst Gesetz net matstëmmen. Mir wäerten eis enthalen.

Merci.

M. le Président.- Domat si mer um Enn vun der Diskussioun an d'Wuert huet d'Regierung, den Här Statssekretär, de Marc Hansen.

Prise de position du Gouvernement

M. Marc Hansen, *Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.*- Här President, villmools Merci fir d'Wuert. An ech géif och dem Rapporteur Merci soe fir dat, wat en eis hei explizéiert huet.

Ech géif nach ee Punkt mat derbäisetzen, deen an dësem Kontext besonnesch wichteg ass, an

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook et Twitter